N°4532
Entrée le 24.07.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung versprach, dass bis 2030 all Kand Zougang zu enger Betreiungsplaz an enger Maison relais oder Crèche ka kréien. An de leschte Jore gouf a ville parlamentaresche Froen op de Manktem u Betreiungsplazen, d'Auslaaschtung vun de Maisons relais an d'Vergab vun de Plazen higewisen. (z.B. n°6162 aus dem Joer 2022 oder n°2156 aus dem Joer 2025).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich schätzt d'Regierung den nationale Besoin u Betreiungsplaze bis 2030 an a wéi vill zousätzlech Plaze musse geschaf ginn, fir d'Zil aus dem Koalitiounsaccord z'erreechen?

2. Huet d'Regierung mëttlerweil eng Iwwersiicht, wéi vill Kanner op de Waardelëschten an deene verschiddene Gemenge sinn?

3. Wäert d'Reform vum CSA dofir suergen, dass bis 2030 keng Waardelëschte méi wäerten existéieren?
   Falls d'Regierung dat net ka verspriechen, a wéi enge Gemenge riskéiert een nach 2030 Waardelëschten ze hunn a wéi vill Kanner wiere betraff?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4532 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wéi héich schätzt d'Regierung den nationale Besoin u Betreiungsplaze bis 2030 an a wéi vill zousätzlech Plaze musse geschaf ginn, fir d'Zil aus dem Koalitiounsaccord z'erreechen?**

   D'Regierung schätzt den zukünftege Besoin u Betreiungsplaze bis 2030 net op Basis vun enger eenzeger nationaler Zuel an, well de Besoin regional ënnerschiddlech ass an och staark vun der demographescher Entwécklung ofhänkt, déi sech jee no Regioun a Gemeng ënnerschiddlech entwéckelt.

   D'Nofro no Betreiungsplazen ass ënner anerem ofhängeg vun der Bevëlkerungsentwécklung, der Zuel vun de Kanner an den Altersgruppen, de lokale Besoinen an der Notzung vun de bestoenden Betreiungsstrukturen. Dobäi weist sech, datt verschidde Regioune weider e Wuesstem an der Demande opweisen, wärend an anere Regioune méi stabil Entwécklunge kënne festgestallt ginn.

   Fir d'Gemenge bei der Planifikatioun an der Weiderentwécklung vun hirer Betreiungsoffer ze ënnerstëtzen, stellt de Staat verschidden Instrumenter zur Verfügung. Dorënner fält notamment d'Aféierung vum Gemengeberoder, deen d'Gemenge bei der Analys vun hirem Besoin an der Entwécklung vun hire Betreiungsstrukture begleet. Zousätzlech gouf eng Iwwersiicht iwwer déi aktuell bestoend Betreiungsplazen op Gemengenniveau ausgeschafft, fir de lokalen Acteuren eng besser Basis fir hir Planifikatioun ze ginn.

   D'Entwécklung vun de Kapazitéite muss dobäi och am Kontext vun der Notzung vum Chèque-Service Accueil (CSA) gekuckt ginn. Den Undeel vun de Kanner, déi de CSA notzen, huet sech an de leschte Joren op ronn zwee Drëttel stabiliséiert. Dës Entwécklung erlaabt et, d'Nofro no Betreiungsplaze an enger méi differenzéierter Manéier ze analyséieren an d'Planifikatioun un déi tatsächlech Besoinen unzepassen.

   D'Regierung wäert d'Weiderentwécklung vun der Offer zesumme mat de Gemenge a Gestionnaire begleeden, fir sécherzestellen, datt genuch qualitativ héichwäerteg Betreiungsplaze geschaf ginn, déi de regionale Besoinen entspriechen an den Ziler vum Regierungsprogramm Rechnung droen.

2. **Huet d'Regierung mëttlerweil eng Iwwersiicht, wéi vill Kanner op de Waardelëschten an deene verschiddene Gemenge sinn?**

   D'Waardelëschten ginn direkt vun de Gestionnairen vun de Betreiungs- a Bildungsstrukturen geréiert. Dofir huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) keng strukturéiert Informatiounen zum Mangel un disponibele Plazen. Am zweeten Semester vum lafenden Joer wäert, no der Ëmfro vun 2024, eng nei Ëmfro betreffend d'Waardelëschten lancéiert ginn fir erauszefannen, wéivill Kanner keng Plaz konnte kréien.

Am Joresbericht vum MENJE steet, datt déi gesamt Offer u Plazen am Secteur vun der non-formaler Bildung (SEA, MC an AP) vun 71.353 Plazen am Joer 2024 op 76.761 Plazen am Joer 2025 geklommen ass. Dëst entsprécht enger Erhéijung vu 7,6% par rapport zum Joer virdrun. Et ass ze präziséieren, datt eng selwecht Plaz vu méi Kanner, natierlech zu ënnerschiddlechen Zäiten, ka besat ginn.

Et ass awer och ze ernimmen, datt d'Analysen, déi op Basis vun der Facturatioun vum CSA gemaach goufen, weisen, datt am Abrëll 2026, 11.148 Plazen an den SEAJ, MC an SEAS uechtert d'Land net besat waren.

3. **Wäert d'Reform vum CSA dofir suergen, dass bis 2030 keng Waardelëschte méi wäerten existéieren? Falls d'Regierung dat net ka verspriechen, a wéi enge Gemenge riskéiert een nach 2030 Waardelëschten ze hunn a wéi vill Kanner wiere betraff?**

D'Garantie vun de Betreiungsplazen ass een vun den Pilieren vun der CSA-Reform. Verschidden Mesuren déi am Gesetzesprojet Nr. 8686 virgesinn sinn (Indexatioun vun der staatlecher Partizipatioun, Kompensatiounsmechanismus, Subventioun Loyer, an Héijen vun der staatlecher finanzieller Partizipatioun) droen zu der Stabiliséierung vum Chiffre d'affaires vun de Prestatairen bäi, souwéi och zu enger finanzieller Entlaaschtung vun de Familljen, fir den Accès zu enger qualitativ héichwäerteger non-formaler Bildung weider ze stäerken. D'Schafung vun engem nohaltegen finanziellen Kader huet en Impakt op d'Weiderentwécklung vun der Offer an der non-formaler Bildung, a domadder een Impakt op d'Waardelëschten.

Onofhängeg vun der CSA-Reform lafen eng Rei vu Mesuren, fir d'Kapazitéiten am Secteur weider auszebauen. Et sinn aktuell vill Projeten an der Entwécklung, déi d'Schafe vun zousätzleche Betreiungsplaze virgesinn. Gläichzäiteg setzt d'Regierung op d'Promotioun vun der Attraktivitéit vum Beruff vun den Dageselteren, fir d'Offer weider ze diversifizéieren an auszebauen.

Wéi am Regierungsprogramm virgesinn, ënnerstëtzt de Staat d'Gemengen an d'Gestionnairen bei hiren Demarchen, fir zousätzlech Betreiungsplazen ze schafen an d'Offer un d'lokal Besoinen unzepassen. An deem Kontext ass nieft dem Gemengeberoder och am Oktober vum leschte Joer eng Brochure publizéiert ginn, déi all wichteg Informatiounen am Zesummenhang mat der Schafung vun neie Betreiungsplaze regroupéiert. Gläichzäiteg sensibiliséiert si d'Gemengen fir déi verschidde Forme vun der non-formaler Bildung an ënnersträicht d'Wichtegkeet vun enger diversifizéierter Betreiungsoffer. Zousätzlech gouf mat *eduAccueil* eng digital Plattform agefouert, déi den Informatiounsaustausch tëscht dem Staat, de Gemengen an de Gestionnairen vereinfacht an d'administrativ Demarchen méi transparent an effizient gestalt.

Et ass ervirzehiewen, datt déi staatlech Bäihëllefe fir de Bau vun neie Bildungs- a Betreiungsstrukturen schonn am Juli 2023 vun 10.000 Euro op 15.000 Euro pro Betreiungsplaz erhéicht gi sinn.

Lëtzebuerg, de 25. August 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH